



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6360 vum 15. Juni 2022 vum Här Deputéierten Max Hahn an vum Här Deputéierten Claude Lamberty.**

*Wou sinn d'Usträichaarbechten un der Rouder Bréck aktuell drun?*

D'Usträicheraarbechten un der Rouder Bréck sinn aktuell an hirer finaler Phase.

De leschten Deel un de Stëtze vun der Sprengwierk-Bréck ass am Juni fäerdeg ginn an de leschten Deel ënnert der rouder Bréck, säitens dem Eecher Bierg, ass ugefaange ginn.

*Wat ass de Grond firwat d'Aarbechte bis ewell nach net ofgeschloss konnte ginn?*

Déi weltwäit sanitär Kris an déi unhalend Problematik mam Manktem un Materialien hunn dozou bäigedroen dass d'Aarbechten net konnte mat Zäiten ofgeschloss ginn. Zudeem hunn eng sëlleg Onwiederer duerch hire staarke Wand d'Usträicheraarbechten zousätzlech ënnerbrach.

*Bis wéini sollen d'Aarbechte laut aktuellen Estimatioune fäerdeg sinn?*

D'Usträicheraarbechte gi viraussichtlech fir de kommende Kollektivcongé 2022 fäerdeg. Uschléissend ginn nach vereenzelt d'Finitiousaarbechte realiséiert an d'Baugerüster ofgebaut.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch